

	<b>12<sup>e</sup> séance</b> Mardi 4 décembre 2001	<b>Présidence</b> <b>M. Jean Spautz</b> , Président
---	---	--

**Ordre du jour**

1. Dépôt d'un projet de loi
2. Allocution de Monsieur le Président de la Chambre des Députés à l'occasion de la retransmission télévisée en direct des séances publiques
3. Hommage à la mémoire de Monsieur Mathias Clemens, ancien Député
4. Communications
5. Ordre du jour
6. Projet de loi 4848 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002 (*Rapport de la Commission des Finances et du Budget*)
7. Dépôt d'une proposition de loi

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Michel Wolter, Luc Frieden, Mme Anne Brasseur et M. Carlo Wagner, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaire d'Etat.

**(Début de la séance publique à 15.00 heures)**

**M. le Président.-** D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Komunikatiounen ze maachen? Dat ass net de Fall.

D'Madame Minister Marie-Josée Jacobs huet d'Wuert.

## 1. Dépôt d'un projet de loi

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.** - Här Minister, Här President, duerch Arrêté vum Grand-Duc vum 23.11. sinn ech autoriséiert, de Projet ze déposéieren iwwert d'Participatioun vum Stat bei der Renovatioun vun dem Hospice civil an der Klinik vun lechternach:

- *Projet de loi 4878 relatif à la participation de l'Etat à la rénovation des bâtiments de l'Hospice civil et clinique de la Ville d'Echternach.*

Merci, Här President.

**M. le Président.-** D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch d'Madame Minister Marie-Josée Jacobs an ech suergen derfir, dass en un de Statsrot an déi zoustänneg Kommissioune weidergeleet gëtt.

## 2. Allocution de Monsieur le Président de la Chambre des Députés à l'occasion de la retransmission télévisée en direct des séances publiques

Dir Dammen an Dir Hären, eis Sitzung vun haut zeechent sech net némmen duerch aus, datt mat der Presentatioun vum Budgetsrappor d'Diskussioun vum

Statsbudget ufänkt, mä och - wéi dat schonns zénter enger Zäit annoncéiert gouf - doduerch, datt eis Sitzunge vun haut un "live" op der Televisioun iwwerdroe ginn.

Dat ass sécherlech een neien a wichtige Moment an der parlamentarescher Geschicht vun eisem Land, an ech wéll vun dëser Plaz aus all deenen heibannen an dobausse merci soen, déi eis esou schnell an efficace gehollef hunn, fir datt mir haut op d'Antenn kënne goen.

Zil ass et, eise Bierger d'Aarbechte vun der Chamber, an domat vun de gewielte Volleksvertrieder, méi no ze bréngen, woubäi ee muss bemierken, dass virun allem d'Debatten an der öffentlecher Sitzung ee wichtegen Deel vun de politeschen Aktivitéite vun der Chamber duerstellen, wann och laang net deen eenzegen.

Niewent dem Compte-rendu - oder, wéi mir op lëtzebuergesch soen, dem "Chamberblietchen" - an niewent der Web-TV op eisem neien Internetsite hunn d'Bierger vun haut un och nach d'Méiglechkeet, d'politesch Debatten an déi an hinne vertruede Meenunge vun de gewielte Volleksvertrieder integral an direkt um Fernseh ze verfollegen.

Sou wéi dat och a ville Parlamente am Ausland de Fall ass, kritt de Bierger duerch eng direkt a komplett Informatioun, déi et him erméiglecht, sech regelméisseg mat der politescher Problematik auserneenesetzen. Ausserdeem hunn d'Iwwerdrouangen och nach en educative Charakter, well si de Leit d'Regelen, no deenen d'Chamber funktionéiert, an d'Prinzipie vun der parlamentarescher Demokratie méi no bréngen.

Och wann den Oflaf vun esou enger ganzer Sitzung munche Bierger am Ufank vläicht laang erschéngt, soll